Espace~Famille

Service d'information, de consultation et de rencontre

E~F NEWS 2 - 2014

S. 3 Info *Summer Special*
S. 4 Save the dates
S. 11 De klengen Tipp mat Internet a Facebook
S. 12 E klenge Sprechelchen
S. 14 Adress an Tel. Nummeren (= wichteg fir Iech unzemelden ☺)

Wënschen Iech eng flott Lektür ☺.

Summer a Summerpaus sti virun der Dier. Als Ofschloss fir all déi Leit, déi an de Gespréichs-Gruppe mat derbäi sinn (oder mol eng oder di aner Kéier waren), hu mir fir den 31. Juli e *"Summer Special Event"* geplangt. Mat e bësse Chance reent et och net. Da kënnen mir vum flotten Haff beim Clubhaus profitéieren.

Méi heivunner an eiser nächster Ausgab.

(Sorry, de Grupp ass komplett a mir kënne keng Umeldunge méi entgéint huelen – plaatzhalber ☹! Fir all eis Gruppe muss een sech am Viraus umelden.)

SAVE THE DATES

Vum 11. August bis de 6. September ass den *Espace~Famille* a Summerpaus ☺.

15.9.2014 : Elteren-a Geschwëster~Owend

Mir hu fir deen Owend eng vu menge Mataarbechterinnen, d'Caroll Kremer invitéiert. Si huet sech prett erklärt, fi eis aus hirem professionellen Alldaag ze erzielen. Si ass fir d'Ligue HMC zoustänneg fir Pflegeversécherungs- Froen an Hëllefstellung an de Beräicher Aarbecht a Wunnstrukturen. Schwéierpunkt vun hirer Präsentatioun ass : Wéi eng Ännerungen kommen, wann d'Persounen 18 Joer kréien an domatt volljähreg ginn? Mir freeën eis op dem Caroll säi Besuch.

Denkt drun, eise Sall ass net esou grouss. Mellt Iech mat Zäiten un, wann d'Thema Iech interesséiert an Dir eng vun deene beschte Platze wëllt ☺.

20. 9. 2014 : Ligue HMC Cap

25. 9. 2014 :

Geschwëster-Gespréicher

29. 9. 2014 :

Gespréichs-Grupp fir Betraffener

Vu 17h bis 18h30

An der Villa Ligue HMC, zu Capellen

13. 10. 2014 (INFO-HANDICAP informéiert):

2. Workshop „Inklusive Bildung"

Nach dem großen Erfolg im vergangenen Jahr (Bericht unter http://inclusion.info-handicap.lu) findet nun ein **2. Workshop „Inklusive Bildung"** statt.

Montag, den 13. Oktober 2014 im Kulturzentrum Walferdange (3, route de Diekirch) von 18:00-21:30.

Das Recht behinderter Kinder auf schulische Inklusion: zwischen sozialer Akzeptanz und pädagogischer Machbarkeit.

Info-Handicap asbl in Partnerschaft mit Zesummen fir Inklusioun asbl und der Direction de l'Education Différenciée in enger Zusammenarbeit mit der Université du Luxembourg – Faculté des Lettres, des Sciences humaines, des Arts et des Sciences de l'Education – Unité de recherche INSIDE - Bachelor en Sciences de l'Education und Bachelor en Sciences sociales et éducatives

Die Veranstaltung richtet sich an Entscheidungsträger und Akteure des luxemburgischen Schulsystems, an die Eltern und an ihre Vereinigungen, sowie an alle interessierten Personen.

Nach e klengen Tipp fir déi Interesséiert :

Kuckt heiansdo op den Internet Site vun der Ligue HMC eran: www.ligue-hmc.lu.

De neie SALUTI (Zeitung vum Day Center) ass elo drop. Et gëtt eng ganz Rei Vakanzen a Fräizäit-Aktivitéiten au choix.

An : Ligue HMC goes Facebook ☺.

Sou sidd Dir lo informéiert iwwer de Menu vun der Woch an de Restauranten, nei Produkter aus den Atelieren, wat esou am Dadofonic lass ass, asw..

Bonne lecture!

Schéine Summer fir Iech alleguerten!

Genéisst all Moment. An e klenge Sprechelchen (ech weess leider net méi ween den Autor ass) fir ofzeschléissen :

"Le matin, levez-vous avec détermination;
Le soir, couchez-vous avec satisfaction."

Voilà – dat war et fir dës Kéier.

Wéi ëmmer freeë mir eis iwwer Äre Feed-Back!

Wann et Iech gefall huet, loosst eis et wëssen. A wann net, dann och! Merci.

bis geschwënn.

Ligue HMC asbl

82, route d'Arlon

L-8311 CAPELLEN

Tél. : 30 92 32 224
GSM: 621 45 14 92